

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 30. Abrëll huet an der Stad op der Paräisser Plaz eng Maniff stattfonnt, déi de Lëtzebuenger Biergerkollektiv den 8. Abrëll ënnert dem Titel "Pour le libre choix médical", mat engem Cortège vun der Gare op d'Plëss bei der Gemeng Lëtzebuerg ugemellt hat. An engem Bréif vum 22. Abrëll gouf hinnen awer matgedeelt, datt si hir Maniff "statesch op d'Paräisser Plaz" misste begrenzen a sech fir weider Detailer un déi Groussherzoglech Police sollten adresséieren. Den Dag selwer waren no Ausso vu Leit, déi selwer op der Maniff waren, circa eng hallef Dose Polizisten, ouni Spezialausrüstung op der Plaz, sou, datt am Virfeld wuel kaum en erhéichte Sécherheetsrisiko ugeholl ginn ass.


An deem Sënn géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Ofsprooche gouf et am Virfeld vun dëser Manifestatioun tëschent dem Policeminister an de Responsabele vun der Stad Lëtzebuerg?
- 2) Zu wéi enger Sécherheetsaschätzung koom déi Groussherzoglech Police am Virfeld vun dëser Demonstratioun a wéi eng Asazuerderen huet den Här Minister op där Basis verfaasst? Kann den Här Minister der Chamber déi entspriechend Dokumenter zoukomme loossen? Falls net, firwat net?
- 3) Et ass kee Geheimnis, datt bei dëser Demonstratioun e politescht Uleies sollt virbruecht ginn, dat weder der Opfaassung vun de Stater Schännerots- nach de Regierungsparteien entsprécht. Wéi wäit hu politesch Interessen eng Roll gespillt, fir dës Manifestatioun op enger bestëmmter Plaz um Bord vum Zentrum festzesetzen, während aner Maniffe fräi konnte stattfannen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten